Schwätzt Dir Lëtzebuergesch?

# *Zousazmaterial*

# Kapitel 4

# Kapitel 4 Säit 53, Übung 5

# *Sazbau an Inversioun*

D'Schüler schaffen zu zwee oder a klenge Gruppen. All Grupp kritt e „Set 1" mat Käertercher a soll mat deenen Elementer fënnef richteg Sätz bilden (mat oder ouni Inversioun).

Gruppen, déi éischter fäerdeg sinn, kënnen duerno och nach de „Set 2" kréien an d'Aufgab widderhuelen.

# Kapitel 4 Säit 53, Übung 5

## *Sazbau an Inversioun* - Set 1

| | | | |
|---|---|---|---|
| ech | liesen | um 7:30 | d'Zeitung |
| ech | fueren | um 11:00 | an de Supermarché |
| ech | iessen | um 12:00 | e Bréitchen |
| ech | ginn | um 14:00 | an e Sproochecours |
| ech | kucken | um 18:30 | d'Noriichten |

## *Sazbau an Inversioun* - Set 2

| | | | | |
|---|---|---|---|---|
| Kaffi | an enger Crèche | fräi | Sport | schlofen |
| um 7:00 | moies | mëttes | owes | um 22:30 |
| drénken | schaffen | huet | mécht | ginn |
| mir | ech | hien | hatt | si |

# Kapitel 4 Säit 54, Übung 3

*Wat mécht hie gär? Kuckt d'Bild an notéiert d'Hobbyen.*

| | | | |
|---|---|---|---|
| molen | Fussball spillen | Gittar spillen | Fotoe maachen |
| Vëlo fueren | Timbere sammelen | baken | sangen |



# Kapitel 4 Säit 55, Übung 7

*Wat fir e Verb passt? Schreift d'Sätz fäerdeg.*

| | | | | |
|---|---|---|---|---|
| kucken | fueren | spillen | maachen | goen |

1. Ech .............................................. e Film.
2. Dir .............................................. spadséieren.
3. Du .............................................. e Concert.
4. Hatt .............................................. e Cours.
5. Ech .............................................. op e Floumaart.
6. Hie .............................................. Gei.
7. Ech .............................................. Vëlo.
8. Du .............................................. an de Kino.
9. Si .............................................. Mini-Golf.
10. Dir .............................................. Sport.
11. Mir .............................................. e Fussballsmatch.
12. Du .............................................. Schi.

*Sicht aner Aktivitéite fir d'Verbe **goen**, **maachen** a **spillen** a formuléiert Sätz.*

| | |
|---|---|
| lafe goen | Du gees all Owend lafen. / Ech gi gär lafen. / Gees du gär lafen? |
| ............ | ............................................ |
| ............ | ............................................ |
| ............ | ............................................ |
| ............ | ............................................ |
| ............ | ............................................ |
| ............ | ............................................ |
| ............ | ............................................ |
| ............ | ............................................ |
| ............ | ............................................ |

# Kapitel 4

## Säit 57, Übung 4


*Wéi ass den Dialog richteg? Zortéiert a liest den Dialog zu zwee.*


| |
|---|
| + Madamm Ries, gitt Dir haut den Owend mat een huelen? |
| + Bis herno! |
| + An d'Brasserie hei um Eck. |
| + Um 6 Auer, direkt no der Aarbecht. |
| + Den Här Schaul, d'Madamm Funck an nach e puer Leit aus engem anere Service. |
| - Wéini? |
| - O, flott! Bis herno dann! |
| - Wuer gitt Dir dann? |
| - Dat ass eng gutt Iddi. Wie geet mat? |

# Kapitel 4

## Säit 58, Übung 3

*Wéi ass d'Wieder? Wielt eng Kaart a schreift e klengen Text.*



Schwätzt Dir Lëtzebuergesch?

# Léisungen


## *Zousazmaterial*

## Kapitel 4

# Léisungen

## Kapitel 4 Säit 54, Übung 3

*Wat mécht hie gär? Kuckt d'Bild an notéiert d'Hobbyen.*



# Léisungen

## Kapitel 4

### Säit 55, Übung 7

*Wat fir e Verb passt? Schreift d'Sätz fäerdeg.*

| | | | | |
|---|---|---|---|---|
| kucken | fueren | spillen | maachen | goen |

1. Ech kucken e Film.
2. Dir gitt spadséieren.
3. Du kucks/spills e Concert.
4. Hatt mécht e Cours.
5. Ech ginn op e Floumaart.
6. Hie spillt Gei.
7. Ech fuere Vëlo.
8. Du gees an de Kino.
9. Si spillt/spille Mini-Golf.
10. Dir maacht Sport.
11. Mir kucken/spillen e Fussballsmatch.
12. Du fiers Schi.

*Sicht aner Aktivitéite fir d'Verbe* ***goen****,* ***maachen*** *a* ***spillen*** *a formuléiert Sätz.*

*Zum Beispill:*

| | |
|---|---|
| lafe goen | Du gees all Owend lafen. / Ech gi gär lafen. / Gees du gär lafen? |
| an den Theater goen | Mir ginn de Weekend an den Theater. |
| Aerobic maachen | Si mécht gär Aerobic. |
| e Kachcours maachen | Ech maachen e Kachcours. |
| Basket spillen | Spills du och gär Basket? |
| e Gesellschaftsspill spillen | Si spille vill Gesellschaftsspiller. |

# Léisungen

## Kapitel 4 Säit 57, Übung 4


*Wéi ass den Dialog richteg? Zortéiert a liest den Dialog zu zwee.*

*Zum Beispill:*

\+ Madamm Ries, gitt Dir haut den Owend mat een huelen?
\- Dat ass eng gutt Iddi. Wie geet mat?
\+ Den Här Schaul, d'Madamm Funck an nach e puer Leit aus engem anere Service.
\- Wuer gitt Dir dann?
\+ An d'Brasserie hei um Eck.
\- Wéini?
\+ Um 6 Auer, direkt no der Aarbecht.
\- O, flott! Bis herno dann!
\+ Bis herno!


## Kapitel 4 Säit 58, Übung 3

*Wéi ass d'Wieder? Wielt eng Kaart a schreift e klengen Text.*




*Zum Beispill:*

Et ass kal haut zu Lëtzebuerg.
Et si minus 2 Grad an et ass vill Loft.
Et schneit am Norden.
Am Osten ass et niwweleg .
Am Zentrum an am Süden ass et bedeckt.




*Zum Beispill:*

Haut ass et ganz waarm zu Lëtzebuerg.
Et sinn 33 Grad!
Am Norden ass et bedeckt.
Op der Musel reent et.
Am Zentrum an am Süden ass et sonneg.